n° 2520

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/07/2020

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 84 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës dringend parlamentaresch Fro un de Minister fir Bildung weiderzeleeden.**

Fir déi momentan Pandemie an de Grëff ze kréien, huet d'Regierung recommandéiert sech un eng Rei Verhalensreegelen ze halen.

Mir goufen informéiert, datt d'Schoulplenière gréisstendeels virtuell ofgehale ginn. Et sinn awer offensichtlech och eng Rei Schoulen, déi d'Plenière physesch an engem Raum wëllen ofhalen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Fro stellen:

1. Här Minister, ass et an ären Aen, an der aktueller epidemiologescher Situatioun opportun d'Plenière physesch ofzehalen?
    - Falls nee, wat sinn d'Recommandatioune vum Educatiounsministère?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

**Le caractère urgent de la question n'a pas été reconnu (10.07.2020)**

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 2520 vum honorabelen Här Deputéierte Sven Clement**

Op Demande vun der Inspection sanitaire huet den Educatiounsministère de Schoule geroden d'Plénièrë vum Schoulpersonal ënner striktem Anhalen vun de sanitäre Recommandatiounen ofzehalen, am beschten per "visio-conférence".